LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 09 DEC. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2990 du 16 octobre 2020 de l'honorable député Monsieur André Bauler, concernant le contournement de Hosingen, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N°2990 vum 16. Oktober 2020 vum éierbare Deputéierten Här André Bauler iwwert den Contournement vun Housen**

De Gesetzesprojet ass amgaange finaliséiert ze ginn. An deem Kontext si weider keng Analysen oder Studien néideg; den definitiven Tracé ass schonn am Avant-projet sommaire festgeluecht ginn.

Den 23. Juli 2018 gouf den Avant-projet an enger ëffentlecher Reunioun zesumme mat der Stroossebauverwaltung an der Gemeng Housen dem Public virgestallt. Säit 2019 ass de Comité d'acquisition vum Staat amgaangen déi néideg Terrainen ze kafen.

Am Kontext vun den archeologeschen Etüden, déi am Virfeld vun den Aarbechte musse gemaach ginn, sinn d'Propriétairen ewéi och d'Pachte kontaktéiert ginn. Dës Aarbechte sinn am Moment amgaangen.

Bedéngt duerch d'Kampfhandlunge vum zweete Weltkrich an dëser Géigend ginn am Virfeld all d'Terrainen um Tracé op Reschter vum Krich ënnersicht. Esou sinn elo schonn e puer Mol Blindgänger entdeckt ginn, déi duerch kontrolléiert Sprenge vun der Ekipp vum SEDAL konnten entschäerft ginn.

D'Aarbechte vum Contournement ginn des Weideren esou geplangt, dass et fir d'Nopeschterraine keng ekologesch respektiv hydrologesch Konsequenze ginn.

Am Moment sinn ewéi virdru beschriwwen déi archeologesch Etüden amgaangen, woufir och verschidden Hecken hu missen eweschgemaach ginn. Déi néideg Ëmweltgeneemegungen dofir waren am Virfeld ugefrot ginn.